

Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch

Rapport d'activité 2025

Am Kader vun der Dokumentatioun an der Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch am Kontext vun der Méisproochegkeet gouf am Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch (ZLS) och am Joer 2025 alles derfir gemaach, fir d'Lëtzebuergesch als lieweg Kommunikatiouns- an Integratiounssprooch ze fërderen an de Leit den Ëmgang mat der Sprooch méi einfach ze maachen. All d'Aarbechten an d'Projeten, déi am ZLS dat lescht Joer vu Bedeitung waren, sinn heidrënner opgelëscht.

1. Projeten

1.1. Spinoff vun der Ausstellung „D'Lëtzebuenger Sprooch(en)“

Am Laf vum Joer 2025 goufen eng Rëtsch Viraarbechte gemaach, fir d'Wanderausstellung „D'Lëtzebuenger Sprooch(en)“ digital opzebereeden an ze erweideren. Dës nei Offer soll et erlaben, d'Inhalter aus der aktueller Ausstellung méi flexibel zougänglech ze maachen, notamment och am Ausland. Fir d'Zilpublikum ze definéieren, gouf iwwer d'*Direction des affaires consulaires et des relations culturelles internationales* mat de Lëtzebuenger Ambassaden am Ausland zesumme geschafft.

De Spinoff gëtt 2026 virgestallt.

1.2. Wuerttrennungen

Zesumme mam *Service Compte rendu* vun der Chamber ass d'Theorie fir d'Trennung vu lëtzebuergesche Wierder op Basis vun de Wuertlëschten aus dem *Lëtzebuenger Online Dictionnaire* (LOD) ausgeschafft ginn. Doropshi gouf zesumme mam Computerlinguist Tim Kolber eng éischt Versioun vun engem Trenn-Algorithmus developpéiert, deem d'Wierder automatesch wäert kënnen richteg trennen.

D'Theorie an den Algorithmus ginn 2026 zur Verfügung gestallt. Ausserdeem ginn d'Wierder am LOD no an no mat de méiglechen Trennungen gewisen.

1.3. Sprooch-Hub

De Sprooch-Hub ass en Outil, deem an enger éischter Phas intern agesat gëtt, fir d'Gestioun vun de ville linguisteschen Daten, déi am ZLS verwalt ginn, ze vereinfachen, awer och fir se méi geziilt an effikass kënnen auszewäerten.

2026 leeft déi intern Testphas un, an enger spéiderer Developpementsphas ass da virgesinn, de Sprooch-Hub progressiv fir de Public zougänglech ze maachen. Bei dësem Projet konnt den ZLS och op d'Hëllef vum *Service de l'innovation* vum Kulturministère zielen.

1.4. Etymologie

Am ZLS gëtt aktiv dru geschafft, fir d'Originen an d'Geschicht vun de Wierder ze dokumentéieren. Déi deels komplex Resultater goufen 2025 fir eng ganz Rei vu Wierder vereinfacht, fir datt se dem Public am LOD a Form vun etymologeschen Infoboxe kënnen zougänglech gemaach ginn.

Déi éischt Infoboxe ginn 2026 op <https://lod.lu> publizéiert.

1.5. Grondwuertschatz

Zesumme mam *Institut national des langues Luxembourg* (INLL) gouf am Laf vum Joer e Lëtzebuerger Grondwuertschatz fir d'Niveauen A1 an A2 definéiert. Nom Choix vun de Wierder gouf gekuckt, wéi eng vun de verschiddene Sënner, déi bei de jeeweilegen Artikelen am LOD beschriwwen sinn, fir de viséierte Public zeréckbehale ginn.

De Grondwuertschatz gëtt 2026 finaliséiert an digital accessibel gemaach. An enger zweeter Phas gëtt dann nach weider un adaptéierte Beispillssätz geschafft.

1.6. Digitale „Lëtzebuerger Sproochatlas 1900“

Zesumme mat den zwee Auteuren vun de Lëtzebuerger Sproochatlassen Alain Atten a Claude Schmit gëtt un der Digitaliséierung vun den Atlas-Date geschafft, déi den Ament just a Buchform disponibel sinn. Den Här Atten huet dofir déi verschidden dokumentéiert Wierder a Wuertformen ageschwat, fir datt ee se spéider och ka lauschten. Den Här Schmit setzt d'Kaartendaten esou op, datt se kënnen an de *Geoportail* vum Kadaster integréiert ginn.

Déi interaktiv Atlas-Kaarte mat Audio-Funktioun am *Geoportail* si fir 2026 geplangt.

1.7. Liicht Sprooch Lëtzebuergesch

Am ZLS gouf en Aarbechtsgrupp koordinéiert, an deem Recommandatiounen fir d'Schreiwe vu lëtzebuergeschen Texter a Liichter Sprooch ausgeschafft goufen. Mat am Aarbechtsgrupp ware Leit vum *Klaro*, vun der APEMH, vum Atelier *isie* vun der APEMH, vun *Op der Schock*, vum *Centre pour le développement intellectuel* (CDI), vum Ministère fir Digitaliséierung, vum Familljeministère, vum Educatiounsministère, vun *Info-Handicap*, vun *Akzent*, vum *Centre*

pour l'égalité de traitement (CET), vum Biergerpakt, vum Centre pour le développement des compétences relatives à la vue (CDV) a vum Service information et presse (SIP).

U verschiddene Reunioune vum Aarbechtsgrupp hunn ausserdeem och de Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch an den Directeur adjoint vum INLL deelgeholl.

D'Recommandatioune ginn 2026 digital accessibel gemaach.

1.8. Spezialiséiert Glossären

Op Initiativ vum Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch si Kontakter hiergestallt ginn, fir d'Ausschaffe vu spezialiséierte méisproochege Glossären ze erméiglechen, notament fir de Gesondheets- a Flegesecteur a fir den Horesca-Secteur.

De Kommissär huet d'Acteure beieneebruecht, déi um Terrain aktiv sinn an déi verschidden Terminologien kennen. Den ZLS an den INLL begleeden déi Saach mat hirem linguisteschen, didakteschen a logisteschen Knowhow.

D'Glossäre ginn 2026 um Site vum LOD an um Portal „Lëtzebuergesch“ (cf. hei ënnendrënner) fir déi betrafte Secteuren a spéider fir de Grand public zougänglech gemaach.

1.9. Portal „Lëtzebuergesch“

Zesumme mam Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch sinn éischt Schrëtt fir d'Kreatioun vun engem Internetportal ëm d'Lëtzebuerger Sprooch ënnerholl ginn. Hei sollen all d'Informatiounen an d'Ressourcen iwwer a ronderëm d'Sprooch op enger eenzeger Plaz accessibel gemaach ginn.

De Portal geet 2026 online.

2. Sprooch-Hotline a Servicer ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch

Am Laf vum Joer 2025 goufen eng 950 Maile ronderëm d'Sprooch an d'Sproochesituatioun op der Mail-Hotline vum ZLS (info@zls.etat.lu) traitéiert.

Donieft goufen och eng ganz Partie Froen iwwer d'Telefonshotline (247-88600) beäntwert.

Et goufen ausserdeem ronn 560 Verbesserungsproposen iwwer de Formulaire um Site vum LOD erageschéckt an eng 2.470 Wuertvirschléi – also Wieder, déi d'Userinnen an d'User am LOD vermësst hunn.

D'Partenariat mat *Autisme Luxembourg* ass d'lescht Joer och weidergelaft: Dëst besteet doran, datt d'Artikele fir den Online-Magasinn „Konterbont“ (<https://konterbont.app/>), déi op Lëtzebuergesch sinn, vum ZLS Korrektur gelies ginn. Verschidde Wieder an den Artikele kënnen ausserdeem ugeklickt ginn an an enger Popup-Fënster fënnt een dann d'Iwwersetzungen a verschidden aner Informatiounen aus dem LOD.



Source: <https://konterbont.app/melusina/>

Et goufen och nach eng Partie aner Korrektur vu lëtzebuergeschen Texter gemaach, dorënner déi vum 8. Band vum *Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques* (Script) senger Serie „Allerhand“.

3. Presenz an de Medien

3.1. Emissioun „Wat s de net sees!“ um *Radio 100,7*

Den 8. Januar 2025 koum déi éischt „Wat s de net sees!“-Episod vum ZLS um *Radio 100,7*. Ganzer 41 Episode goufen am Laf vum Joer opgehol an diffuséiert. An der Sendung gi linguistes a sproochlech Phenomeener beschriwwen, awer och de berufflechen Alldag am Zenter: Wie schafft do? Wéi gëtt do geschafft? Wat gëtt genee gemaach? D'Episode kënnen all am Replay an der Mediathék vum *Radio 100,7* gelauschtert ginn: <https://gd.lu/bQXk1P>

3.2. Artikelen an der „Warte“, der Bäilag vum *Luxemburger Wort*

Am Laf vum Joer 2025 goufen néng „Warte“-Artikele publizéiert, déi vun ZLS-Mataarbechter respektiv -Mataarbechterinne signéiert waren. Hei goufe linguistes a sproochlech Phenomeener ënner d'Lupp geholl oder op d'Toolen, déi den ZLS offréiert, opmierksam gemaach.

3.3. RTL-Summerserie „Wéi sot Dir?“

Vum 21. Juli bis den 1. September 2025 hunn d'Leit vum ZLS an der RTL-Emissioun „Wéi sot Dir?“ Inhalter aus dem zweete Band vum „Lëtzebuurger Sproochatlas 1900“ vun den Auteuren Alain Atten a Claude Schmit presentéiert.

4. Ausbau a Verbesserung vu besteeënden Toolen

4.1. *Lëtzebuurger Online Dictionnaire* (LOD)

2025 sinn 348 nei Artikelen am LOD (<https://lod.lu>) bäikomm. Déi ganz Lëscht fënnt een hei: <https://gd.lu/bTNGCI>

492 Artikelen sinn iwwerdeems ausgebaut ginn, et ass also jeeweils op d'mannst een neie Sënn bäikomm. Déi ganz Lëscht vun den Artikelen, bei deenen Inhalter bäikomm sinn, fënnt een hei: <https://gd.lu/dc9dbt>

Bei 60 Artikelen, an deenen Eegennimm traitéiert ginn, goufe kulturhistoresch Infoboxen bäigesat, wéi z. B. am Artikel „Naturmusée“: <https://gd.lu/bbP10m>

4.2. Spellchecker

D'Wierderlëscht, déi de *Spellchecker* (<https://spellchecker.lu>) alimentéiert, gouf 2025 stänneg ausgebaut a verbessert. Et handelt sech dobäi ëm e laufende Prozess.

5. Austausch a Collaboratiounen

5.1. Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch

Den ZLS ass am enken a regelméissegen Echange mam Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch a mat senger Leit.

Den ZLS ass am Jury vum Präis fir d'Verdénkschter ëm d'Lëtzebuerger Sprooch an am Organisatiounskomitee vum Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch vertrueden. Déi zwou Initiative gi vum Kommissär koordinéiert an organiséiert.

Am Comité interministériel, dee vum Kommissär aberuff gëtt, goufen den ZLS, seng Produiten a seng Offer den 29. Abrëll am Detail presentéiert.

Weider gemeinsam Projete sinn anerwäerts an dësem Rapport beschriwwen.

5.2. Aner Echanges a Kollaboratiounen

- **Actioun Lëtzebuergesch (AL):** Austausch mam President a mat de Komiteesmemberen, ënner anerem iwwer méiglech Kollaboratiounen;
- **Association luxembourgeoise des médecins en voie de spécialisation (Almevs):** Kontroll vun de medezineschen Inhalter am LOD;
- **Association luxembourgeoise des traducteurs et interprètes (Alti):** Echange mat der Presidentin;
- **Apple:** Austausch iwwer eng besser Integratioun vum Lëtzebuergesch an d'Produite vun der Mark;
- **Biergerpakt:** Visite-guidéeën duerch d'Wanderausstellung „D'Lëtzebuerger Sprooch(en)“;
- **Direction générale du tourisme (vum Wirtschaftsministère):** Hëllef beim Ausschaffe vun enger Formatioun fir Touristeguiden;
- **Division du personnel détaché (vum Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Entwécklungszesummenaarbecht an**

Aussenhandel): Promotioun vum Lëtzebuergesche bei den Agenten, déi am Ausland sinn, a bei hire Famillen;

- **Gemeng Nidderaanwen:** Opstelle vun engem gemengerelevante Glossär, Asetze vun der *Sproochmaschinn*, Echange vun Erfahrungswärter beim Ëmgang mat der Lëtzebuenger Sprooch, dat alles am Kader vun enger Konventioun;
- **Luxembourg American Cultural Society (LACS):** Austausch mat der Curatrice Caitlin Armstrong a mam Direkter Travis Gross; Organisatioun vun der éischter Statioun vum Spinoff vun der Expo „D’Lëtzebuenger Sprooch(en)“ (August 2026);
- **Luxembourg Institute of Science and Technology (List):** Austausch vu Wëssen a vun Daten;
- **Luxembourg – Let’s Make It Happen (LMIH):** Verbesserung vun online Inhalter;
- **Microsoft:** Hëllef beim Verbessere vum Office-Spellchecker;
- **Section de linguistique, d’ethnologie et d’onomastique vum Institut grand-ducal (IGD):** Orthografesch Kontroll vun enger Lëscht vu Flouernimm;
- **Service information et presse (Sip):** Ënnerstëtzung a linguistesche Berodung beim Ausschaffe vum engem Screenreader op Basis vun de *Liesmaschinn*-Daten (Text-to-Speech); Hëllef beim Ausschaffe vun engem lëtzebuergesche „Guide de rédaction“;
- **Unesco:** Organisatioun an Animatioun vun engem Workshop mam Titel „Languages at Every Stage: A Technical Dialogue on Inclusive Language Technology Development“; Austausch zum Thema „Atlas mondial des langues“;
- **Université Lëtzebuerg:** Ausschaffe vun engem Glossär mat linguistesche Grondbegrëffer; Finanzéierung a Betreierung vun engem Doktorat zum Thema „Jugendsprooch“; Preparatioun vun enger Konventioun iwwer déi zukünfteg Zesummenaarbecht;
- **Université de Lorraine:** Participatioun beim Ausschaffe vum MultiLAWa-Fuerschungsprojet
- **Wikimedia Lëtzebuerg:** Austausch mat der Presidentin a mam Sekretär.

6. Wanderausstellung „D’Lëtzebuenger Sprooch(en)“

6.1. Statiounen am Land

Am Joer 2025 war d’Expo „D’Lëtzebuenger Sprooch(en)“ op fënnef verschidde Statiounen ze gesinn: zu Walfer, am *Lënster Lycée*, am *Lëtzebuerg City Museum*, am Europaparlament um Kierchbierg an am *Lycée technique pour professions éducatives et sociales* (LTPES).



Foto: Tessy Troes

6.2. Statiounen am Ausland

Nieft de Statiounen zu Lëtzebuerg war d'Wanderausstellung awer och op e puer Statiounen am Ausland: bei der Unesco zu Paräis am Kader vun den Eventer ronderëm den internationalen Dag vun der Mammesprooch; op der *Université de Strasbourg* an am *Conseil de l'Europe* zu Stroossbuerg.

7. Publikatiounen

7.1. Band 2 vum „Lëtzebuurger Sproochatlas 1900 – Wuertatlas“

Nom éischte Band vum „Lëtzebuurger Sproochatlas 1900“, dem Laut- a Formenatlas, deem 2023 publizéiert gouf, dokumentéiert den zweete Band, de Wuertatlas, wéi eng verschidde Bezeechnungen et fréier fir dee selwechte Géigestand gouf: Wou seet ee *Päiperlek* a wou *Pimpampel*, *Millermoler* oder nach anescht?

7.2. Band 7 vum „Lëtzebuurger Wuertschatz“: „Vun Inten, déi quaken, a Schof, déi lamen“

De Band 7 vun der Serie „Lëtzebuurger Wuertschatz“, deem am Hierscht publizéiert gouf, stellt d'Déierewelt an d'Vitrinn. Am Buch ginn 248 Wierder a Spréch presentéiert, illustréiert, mat engem Beispillssaz ënnermoolt an op Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch iwwersat.

7.3. Duden-Band „Lëtzebuergesch – Vom Schnëssen und Schneeken“

An Zesummenaarbecht mam *Cornelsen Verlag* huet den ZLS am spéide Summer 2025 eng nei Publikatioun iwwer d'Lëtzebuurger Sprooch a Kultur presentéiert. Am Buch beschreiwen d'Linguistin Dr. Nathalie Entringer an de Sproochhistoriker Dr. Sam Mersch, déi allen zwee am ZLS schaffen, wéi d'Lëtzebuurger Sprooch sech entwéckelt huet, duerch wat fir eng Eegenaarte se sech auszeechent a wéi d'Méisproochegkeet hei am Land gelieft gëtt. Donieft gëtt een och eppes iwwer lëtzebuergesch Traditiounen gewuer an et kann een an déi lokal Kichen andauchen.



Foto: ZLS

8. Aktiounen a Promotioun

8.1. Wuert vum Joer 2025

Fir déi sechste Kéier zënter 2020 gouf op Initiativ vum ZLS an an Zesummenaarbecht mat Partner aus de Medien d'Wuert vum Joer gesicht.

Och dës Kéier haten erëm de *Radio 100,7*, *RTL*, d'*Tageblatt* an d'*Luxemburger Wort* matgemaach. *Trounwiessel* gouf d'Wuert vum Joer 2025.

8.2. Eegennimm-Juni

Am Laf vum Mount Juni gouf op Social Media all Dag en Eegennumm, fir deen et en Artikel am LOD gëtt, an d'Vitrinn gestallt.

8.3. ZLS-Stickeren am *Télécran*

Am *Télécran* vum 11. Februar gouf et eng duebel Säit mat ZLS-Pechbiller mat flotte Wieder a Spréch.

8.4. ZLS-Newsletter

Am Laf vum Joer 2025 goufen néng ZLS-Newslettère geschéckt.

9. Presenz an de soziale Medien

Den ZLS ass op *Instagram* (<https://www.instagram.com/zls.lu/>) an op *Facebook* (<https://www.facebook.com/ZLS.lu/>) aktiv.

Den X-Account gëtt zënter Oktober 2024 net méi alimentéiert a gëtt deemnächst definitiv zougemaach.

10. Nei Technologien

10.1. Iwwersetzungs-Korpus (Tech-in-GOV)

Iwwer d'„Tech-in-GOV“-Initiativ vum Ministère fir Digitaliséierung hat den ZLS d'Méiglechkeet, mat professionellen Iwwersetzerinnen e méisproochege Datesaz ausschaffen ze loossen. Dëse besteet aus am Ganzen 150.000 Wierder op Lëtzebuergesch, déi op Englesch, Däitsch a Franséisch iwwersat goufen. Et handelt sech bei dësem Iwwersetzungskorpus ëm verschidden Textzorten (Medientexter, Pressecommuniquéen an Texter vun der Chamber). De fäerdegeng Datesaz wäert an der éischter Hallschent vum Joer 2026 fräi zur Verfügung gestallt ginn a kann dann zum Beispill gebraucht ginn, fir Iwwersetzungsmodeller ze trainéieren.

10.2. Wuerttrennungs-Algorithmus

Zesumme mam Computerlinguist Tim Kolber ass eng éischt Versioun vum engem Trenn-Algorithmus developéiert ginn, deem déi lëtzebuergesch Wierder automatesch wäert kënne richteg trennen. Den Algorithmus gëtt 2026 zur Verfügung gestallt (cf. **1.2. Wuerttrennungen**).

10.3. Sproochmaschinn

Den 10. Februar 2025 huet de Kulturminister Eric Thill eng éischt Versioun vum ZLS sengem neie Site <https://sproochmaschinn.lu/> presentéiert. Et handelt sech heibäi ëm déi éischt Web-Applikatioun, déi zwou wichteg Funktiounen vun der moderner digitaler Sproochveraarbechtung fir d'Lëtzebuurger Sprooch accessibel mécht: d'Sproocherkennung (d'Maschinn konvertéiert geschwate Sprooch an Text) an d'Sproochsynthesen (d'Maschinn konvertéiert geschriwwenen Text a geschwate Sprooch).

Am Dezember gouf d'Versioun 2.0 virgestallt: Déi gouf mat duebel esou vill Daten trainéiert ewéi de viregte Modell an zeechent sech duerch eng verbessert Sproocherkennung aus. Zousätzlech zu der neier Speaker-Recognition-Funktioun, mat där den Tool verschidde Spriecherinnen a Spriecher kann ënnerscheeden, gëtt et elo och d'Méiglechkeet, sech d'Texter mat enger weiblecher Stëmm virliesen ze loossen – nieft där vum Max Kuborn, déi schonn aus der éischter Versioun bekannt war.

10.4. Den LOD op *Nederlands*

Den LOD krut am Dezember nieft dem Däitschen, dem Franséischen, dem Engleschen, dem Portugiseschen an der Gebäerdesprooch eng zousätzlech Zilsprooch: *Nederlands*.

Déi „hollännesch“ Versioun nl.lod.lu gouf zesumme mat zwee Benevollen opgebaut, déi iwwer 30.000 Iwwersetzungen ausgeschafft hunn. Dës Initiativ déngt och als Proof-of-Concept, fir datt an Zukunft och aner Benevolle sech an d'Entwécklung vun neie Sproochversiounen kënne mat abréngen.

10.5. *Orthotrainer*

Beim *Orthotrainer* (<https://orthotrainer.lu>) handelt et sech ëm eng Plattform, op där jidderee kann d'Orthografie vun der Lëtzebuerger Sprooch trainéieren, sech d'Reegelen ukucken an Exercicë maachen. Den Trainer gouf komplett moderniséiert an am Dezember op engem neien a benutzerfrëndlechen Internetsite zur Verfügung gestallt.

De Site bitt e pedagogesche Léierparcours mat iwwer 400 Exercicer, dee spilleresch un d'Orthografie eruféiert an esou motivéiert fir ze léieren. Et gëtt ausserdeem eng Theoriesektioun mat detailléierten Erklärungen, déi och als PDF kann erofgeluede ginn. Am Léierparcours vu ronn 30 Stonne kënnen d'User an d'Userinnen also Schrëtt fir Schrëtt hir orthografesch Kompetenzen ausbauen.

Den *Orthotrainer* bereet ausserdeem op den ZLO (*Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie*) vum INLL vir a wäert vum Joer 2026 un am Inap an am Ifen agesat ginn.



11. Eventer

11.1. Presentatioun vum zweete Band vum „Lëtzebuerger Sproochatlas 1900 – Wuertatlas“

Den 19. Mäerz 2025 gouf den neie Sproochatlas vun den Auteuren Alain Atten a Claude Schmit an der Nationalbibliothék viru ronn 200 Gäscht an a Presenz vum Kulturminister Eric Thill virgestallt.

11.2. Liesung „Lëtzebuergesch – Vom Schnëssen und Schneeken“

De 14. Oktober hunn d'Auteuren Dr. Nathalie Entringer an Dr. Sam Mersch vum ZLS an der *Librairie Ernster* am Akafszenter *Belle Étoile* aus dem Band „Lëtzebuergesch – Vom Schnëssen und Schneeken“ virgelies.

11.3. Konferenz „D'Sprooch(en) am Lëtzebuerger Kino“

De 25. November huet den ZLS am LTPES zu Miersch den drëtten (a leschten) Deel vun der Virtragsserie „D'Sprooch(en) am Lëtzebuerger Kino“ mam Yves Steichen vum *Centre national de l'audiovisuel* (CNA) organiséiert.

12. Participatiounen

12.1. Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch

De 26. September gouf den éischten Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch ënner dem Motto „Schwätz mat – Lëtzebuergesch verbënnt“ gefeiert. All Joer, de 26. September – zäitgläich mam Europäeschen Dag vun de Sproochen –, steet d'Lëtzebuerger Sprooch zesumme mat der Méisproochegkeet am Mëttelpunkt.

Den Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch gëtt vum Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch organiséiert. Den ZLS ass am Organisatiounskomitee vertrueden an huet sech mat dësen Aktiounen um Dag bedeelegt:

- Vernissage a Visite-guidéeën a véier Sproochen vun der Ausstellung „D'Lëtzebuerger Sprooch(en)“ am Europaparlament um Kierchbierg;
- Sproochquiz op der „Nuit des langues“, organiséiert vum *Institut Pierre Werner*;
- Aktioun „Schreif däin LOD-Artikel!“ an de Lycéeën uechter d'Land.



Foto: ZLS

12.2. LT4All-Unesco-Konferenz

De 24. Februar stoungen d'Lëtzebuerger Sproochesituatioun an d'Lëtzebuerger Sproochtechnologien och um Programm vun der LT4All-Konferenz zu Paräis. A Presenz vum Kulturminister Eric Thill huet den Dr. Christopher Morse, Computerlinguist beim ZLS, a senger Presentatioun „Redefining Progress in the Margins: Lessons from Big Tech & Small Data“ d'Fortschrëtter am Beräich vun den digitalen Applikatioune fir d'Lëtzebuerger Sprooch duergeluecht. Den Dr. Morse huet och de spezielle Fall vum Lëtzebuergeschen als kleng Sprooch an engem méisproochge Kontext presentéiert an ass drop agaangen, wéi eng Lektione fir d'Entwécklung vu Sproochtechnologien heirauss kënne gezu ginn.

12.3. Walfer Bicherdeeg

D'Walfer Bicherdeeg waren de 15. a 16. November 2025 ënner dem Motto „Mémoire“. E puer Haiser, déi dem Kulturministère ënnerstinn, haten dës Joer e gemeinsamen Optritt.

Um Stand an der Hal 2 konnten d'Visiteuren an d'Visiteusen d'Publikatioune vum ZLS entdecken, dorënner och deem neien, siwente Band vun der Serie „Lëtzebuerger Wuertschatz“: „Vun Inten, déi quaken, a Schof, déi lamen“.

D'Ekipp vum ZLS war sonndes moies och am Asaz, wéi ëm 10 Auer déi traditionell Dictée ugesot war.



Foto: ZLS

12.4. Luxembourg Urban Garden (Luga)

Mat Inhalter aus de Sproochatlasse vun den Auteuren Alain Atten a Claude Schmit huet den ZLS zwou Ausstellungen am Kader vun der Luga ugebueden: eng an der Stad, „Planzen aus dem Lëtzebuerger Wuertatlas“, vum 4. bis den 9. September, an eng zu Ettelbréck op den Däichwisen, „Landwirtschaft a Sprooch“, vu Mëtt Juli bis Mëtt Oktober.



Foto: ZLS

12.5. *Assises culturelles* iwwer d'Kënschtlech Intelligenz

Op den Assisen, déi vum *Service de l'innovation* vum Kulturministère organiséiert goufen, war den ZLS duerch säin Direkter op enger Table ronde vertrauden an huet och e Workshop organiséiert.

12.6. Aner Participatiounen, Konferenzen a Presentatiounen

- **Colloque vun der Luxemburgistik** (Universitéit Lëtzebuerg, 26. Mee a 15. Dezember): Konferenz „The Lived Experience of Language (Education Policy): Multimodal Accounts by Primary School Students in Luxembourg“, Dr. Sarah Muller (ZLS); Konferenz „Presentatioun vum neien *Orthotrainer*“, Helmuth Sperl (ZLS);
- **Elements of AI** (*Digital Learning Hub*, 22. Abrëll): „The Luxembourgish ‘Language Machine’: New Tools for Luxembourgish AI“, Dr. Christopher Morse (ZLS);
- **European Language Day** (organiséiert vun der Lëtzebuerger Ambassade zu Moskau, 20. September): Videokonferenz „Luxembourgish and the Language Situation in Luxembourg: A Multilingual Perspective“, Daniel Wagener (ZLS);
- **Journée d’orientation** (Familljeministère, 20. September): ZLS-Stand;
- **Konferenz-Zyklus „Recherches linguistiques sur le genre“** (Nanzeg, 10. Februar): Konferenz „Égalité en lexicographie : l’évolution du traitement des formes féminines dans le *Lëtzebuerger Online Dictionnaire*“, Alexandre Ecker (ZLS);
- **NLP Roundtable** (Universitéit Lëtzebuerg, 14. Mäerz): Presentatioun vun der ZLS-Offer am Beräich Daten an Toolen;
- **Salon de l’inclusion numérique** (Ministère fir Digitaliséierung, 17. Mee): ZLS-Stand;
- **Sproochemoien** (*Lycée classique d’Echternach*, 1. Abrëll): Véier Septiëmen hunn um Lëtzebuergesch-Quiz deelgeholl, deen den ZLS geleet huet.
- **„Colloque des territoires à langues régionales“** (*Collectivité européenne d’Alsace*, Stroossbuerg, 21. November): Presentatioun „La situation linguistique au Grand-Duché de Luxembourg. Entre promotion de la langue luxembourgeoise et préservation du multilinguisme.“, Alex Gillander (ZLS);

- **Tagung „Hermann von Veldenz: Yolanda von Vianden. Stand der Forschung und Ausblick“** (Universitéit Lëtzebuerg, 16. Oktober): Konferenz „Zur Einschätzung der Sprache des Codex Mariendalensis für die Sprachgeschichte des Luxemburgischen“, Dr. Sam Mersch (ZLS);
- **Wanterkonferenz** (*Association pour l'Éducation Permanente*, Walfer, 10. Dezember): Vortrag „D'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg duerch de Kaleidoskop“, Dr. Sarah Muller (ZLS).

13. Contributiounen

13.1. „À propos ... Sproochen zu Lëtzebuerg“

Op Initiativ vum Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch ass beim *Service information et presse* d'Publikatioun „À propos“ iwwer de Sproochgebrauch zu Lëtzebuerg komplett iwwerschaaft ginn. Den ZLS huet mat enger Rei Bäitrag participéiert.

D'Publikatioun gëtt et a véier Sproochen a kann hei erofgeluede ginn: <https://gd.lu/9rbPnx>

13.2. „De Piwitsch“

Den ZLS huet fir „De Piwitsch“, dee vum Script editéiert gëtt, véier Bäitrag zum Thema Sprooch geliwwert.

13.3. „Konterbont“ iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch

Fir den éischten Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch huet *Autisme Luxembourg* eng Ausgab vun der online Publikatioun „Konterbont“ iwwer d'Sprooch realiséiert, zu där den ZLS mat Interviewen iwwer verschiddenen Theeme bäigedroen huet. Déi Ausgab vum „Konterbont“ gouf och gedréckt.

14. Coursen

14.1. Coursen um Ifen an um Inap

Am Joer 2025 goufen um Inap an um Ifen Coursen an der Orthografie ugebueden. Fir sech de verschiddenen Niveauen unzepassen, goufen ënnerschiddlech Formulle proposéiert, ugepasst un déi jeeweileg Zilgruppen: Basiscoursen, Avancéscoursen an och e Léierparcours mat dräi Niveauen. D'Coursë sinn all am Blended-Learning-Format, fir de Léiertransfert méi efficace ze maachen.

Insgesamt goufen 202 Formatiounsstonnen absolvéiert. Fir dës grouse Volume ze begleeten, huet den ZLS autonom Léierphasen agebaut, déi et de Participanten a Participeanten erlaben, an hirem Rhythmus d'Orthografie ze entdecken oder ze verdéiwen.

Op Basis vun dësen Erfarunge gouf am Joer 2025 och den *Orthotrainer* (cf. 10.5. *Orthotrainer*) ausgeschafft, deen den 8. Dezember online gaangen ass.

Nieft den Orthografiescoursë goufen am Joer 2025 och sechs Coursen iwwer d'administratiivt Schreiwen op Lëtzebuergesch, och am Blended-Learning-Format, gehalen, entweder am Inap oder a Kollaboratioun mam Inap. Dëse Cours gouf vum ZLS ausgeschafft an am Ganze goufe 60 Formatiounsstonne gehalen.

14.2. BTS „Media Writing“

De Brevet de technicien supérieur (BTS) „Media Writing“ am *Lycée Classique de Diekirch* leeft iwwer eng Dauer vun zwee Joer. Am Schouljoer 2025/26 huet den ZLS ee Modüll fir d'Studente vum zweete BTS-Joer gehalen. D'Ekipp vum ZLS huet dofir 12 Coursen ausgeschafft, an deenen déi verschidden Expertisberäicher vum ZLS presentéiert ginn. D'Wëssen an d'Kompetenzen, déi an deem Modüll vermëttelt ginn, ënnerstëtzen d'Studenten an d'Studentinne spéider dobäi, sech am professionellen Ëmfeld zu Lëtzebuerg, an deem eng gutt Maîtrise vun der Lëtzebuurger Sprooch en Atout ass, ze integréieren.

14.3. Aner Coursen

Nieft de Coursen um Inap an um Ifen war den ZLS nach op zwou anere Plazen am Asaz:

- fir eng Presentatioun vum LOD am Kader vun engem Orthografiescours vun der Gemeng Déifferdeng;
- fir en Orthografiescours fir Mataarbechter a Mataarbechterinne vum *Radio 100,7*.

15. Personal

15.1. Verstärkung vun der Ekipp

Den 1. Februar huet de Steven Martins als Responsable informatique am ZLS ugefaangen an den 1. September huet d'Aurélié Colling d'Ekipp als Responsabel fir de Beräich Kommunikatioun verstärkt. Dës zwou nei Persounen decken transversal Beräicher of an erlaben et den Experten an Expertinnen an de Kompetenzberäicher ëm d'Sprooch, sech méi op hir eigentlech Tâchen ze konzentréieren.

Ausserdeem huet de Laurent Grober als Expert d'Mataarbechter, déi sech am ZLS ëm d'Daten, d'Toolen an d'KI këmmere, beim Ausschaffe vum Sprooch-Hub ënnerstëtzt, enger informatescher Léisung fir déi intern Gestoun an Exploitatioun vu linguisteschen Daten.

15.2. Stagen a Studentenjobben

Am Laf vum Joer goufe véier Stagiairen, Studentinnen a Studenten am ZLS empfaangen a betreit.

16. Representatiounen

Den ZLS ass Member vun der *European Federation of National Institutions for Language* (Efnil) an ass och am *Conseil permanent de la langue luxembourgeoise* (CPLL) vertrueden.